DEMOKRATESCH PARTEI

# EUROPA.
# STÄERKEN, WAT EIS SCHÜTZT.

## Walprogramm 2024-2029



DEMOKRATESCH PARTEI
2A rue des Capucins,
L-1313 Luxembourg
Tél.: 22 10 21 | dp@dp.lu | www.dp.lu

# VIRWUERT

D'Europäesch Unioun ass zanter Joerzéngten de Garant fir **Fridden, Stabilitéit a Wuelstand**. D'Wäerter vun hirer Politik hunn als Zil, de Mënschen e Liewen a Fräiheet an a sozialer Sécherheet z'erméiglechen.

Ma d'Zäite si méi mouvementéiert ginn an de leschte Joren – an Europa an an der ganzer Welt. Mir si konfrontéiert **mat gesellschaftleche Remaniementer, dem Klimawandel a mat geostrategesche Risiken**.

Mir kënnen dës grouss Erausfuerderungen nëmmen da meeschteren, wa mir **d'Problemer an Europa zesummen upaken**! Mir kënnen déi Aufgaben, déi ee Staat net eleng packe kann, nëmmen zesummen als Europäerinnen an Europäer léisen. Dat gëllt besonnesch fir eist klengt Land am Häerz vun Europa: Lëtzebuerg ass staark, wann Europa staark ass.

Dofir brauche mir eng Europäesch Unioun, déi **selbstbewosst, widderstandsfäeg a virun allem handlungsfäeg** ass. Mir mussen d'EU an hir Institutiounen elo stäerken: fir e Liewen a Fridden an a Fräiheet, mat Wuelstand a sozialer Sécherheet. Mir dierfen dobäi keng Zäit verléieren!

**Europa. Stäerken, wat eis schützt.**

Dofir sti mir, dofir steet d'Demokratesch Partei.



# Index


| | | |
|---|---|---|
| **I.** | **Aussergewéinlech Ëmstänn** | **5** |
| **II.** | **D'Prinzippien** | **7** |
| **III.** | **D'Method** | **9** |
| **IV.** | **Propositioune vun der DP fir d'Europawalen** | **10** |
| 1. | Eis Prioritéiten am ekonomeschen an am soziale Beräich | 10 |
| 1.1 | Eng Ekonomie am Déngscht vun de Bierger | 10 |
| 2. | De Klimawandel wierksam bekämpfen | 13 |
| 3. | Déi gemeinsam Agrarpolitik | 14 |
| 4. | Santé | 16 |
| 5. | Staark Institutiounen am Service vun enger perfor-manter EU: Demokratesche Wandel fir besser ze legiferéieren | 16 |
| 6. | Preparatioun vun der EU a vun de Kandidatelänner op déi kommend Erweiderung a Support vun de Kandidatelänner beim Bäitrëtt | 17 |
| 6.1 | Jo fir eng schrëttweis Opnam vun neie Memberstaaten | 18 |
| 7. | D'Aussen- a Verdeedegungspolitik vun der EU | 19 |
| 8. | Nei Immigratiounspolitik | 20 |
| 9. | Rechter a Wäerter | 21 |
| 10. | Besser Perspektive fir eis Jugend | 22 |
| 11. | Kultur | 24 |

# I. Aussergewéinlech Ëmstänn

Vun 2019 bis 2024 hu verschidden europäesch an international Evenementer d'Liewen an der Europäescher Unioun an domadder och d'Liewen am Memberland Lëtzebuerg déifgräifend markéiert. D'Unioun ass dofir haut an enger eemoleger Situatioun a steet viru grousse Schwieregkeete fir d'Zukunft.

„Halt op, eis ze soen, wat mir wëllen", dat stoung op engem Plakat bei enger vun de gréisste pro-europäesche Manifestatiounen an der Geschicht vun der Europäescher Unioun, den 23. Mäerz 2019. D'Demonstratioun zu London, wou impressionant vill jonk Leit matgemaach hunn, bréngt et awer net méi fäerdeg, fir de Brexit a Fro ze stellen. D'Decisioun ass gefall, Groussbritannie wäert e puer Méint méi spéit déi Europäesch Unioun verloossen. D'Gewëssheet, datt d'EU nimools wäert e Memberstaat verléieren, gëllt net méi. Mat Ligen a mat der Manipulatioun vun der ëffentlecher Meenung hunn d'Kritiker vun der europäescher Integratioun hiert Zil a Groussbritannien erreecht.

De 16. November 2019, just e puer Deeg nom Amtsuntrëtt vun der Kommissioun von der Leyen, ass fir d'éischte Kéier vum SARS-CoV-2 rieds. Kee Mënsch weess um Enn vun deem Joer, datt mir virun enger Katastroph stinn, déi déi ganz Welt a gesondheetlecher, politescher, wirtschaftlecher, sozialer, finanzieller a budgetärer Hisiicht beaflosse wäert. Deen Ament, wéi de Virus ufänkt, Millioune vu Mënschen z'infizéieren, gëtt dat ominéist „Et kascht, wat et kascht" zum Leitmotiv fir d'Budgetspolitik an eise Memberlänner. D'Beweegungsfräiheet vun de Leit gëtt behënnert, de Confinement gëtt decidéiert, déi meeschte Schoule bleiwen zou. Déi weltwäit Liwwerkette sinn ënnerbrach, d'Industrieproduktioun geet zeréck an eis Wirtschafte sinn an der Rezessioun.

De fréie Muere vum 24. Februar 2022 marschéiert Russland an d'Ukrain an a begrënnt déi „militäresch Spezialoperatioun" mat enger Lutte géint sougenannten Nazien. De Chef am Kreml hält den angeeblече Plang vun der NATO, fir sech no Osten z'erweideren, als Ursaach dofir. A Wierklechkeet fäert de Putin net d'Erweiderung vun der NATO, ma virun allem d'Erweiderung vun der Demokratie. De 5. Abrëll vun deem Joer weisen d'Massaker vun der russescher Arméi zu Butscha de Retour vun der Barbarei am Häerz vun Europa. Antëschent mécht d'Krichsrhetorik vu Moskau virun näischt méi halt, net emol virun enger atomarer Menace. Déi 27 EU-Memberlänner eenegen sech op eng Dose Sanktiounspäck géint Russland. D'NATO preparéiert sech dorobber, fir Finnland a Schweden, déi hir Neutralitéit opginn, als Memberlänner opzehuelen.

De Klimawandel an de Réckgang vun der biologescher Diversitéit, déi scho laang virum Ufank vun dëser Legislaturperiod um Ordre du jour vun der EU stoungen, wäerten nach vill Joren op där Agenda stoe bleiwen. Dee vun der Kommissioun fir 2019 annoncéierte *Green Deal* soll déi am Kader vum Klima-Accord vu Paräis decidéiert Engagementer an d'Realitéit ëmsetzen. Gläichzäiteg informéieren eis d'Vereenten Natiounen, datt weltwäit mussen zousätzlech Investissementer vu 4,2 Billiounen US-Dollar d'Joer mobiliséiert ginn, fir d'Ziler vun enger nohalteger Entwécklung z'erreechen.

Dëse ganz graffe Réckbléck op déi lescht fënnef Joer erënnert eis also dorunner, wéi onberechenbar d'Zukunft ginn ass. D'Klimakatastroph war scho laang virun 2019 an eise Käpp präsent, ma d'Coronakris an de Krich an der Ukrain hunn eis gewisen, wéi riskant zouverlässeg Prognosen esouguer fir ganz kuerz Zäitraim gi sinn.

D'Mënschheet steet haut virun existenzielle Krisen, fir déi quasi alleguerten d'Mënsche responsabel sinn. En vue vun deenen Erausfuerderunge wëlle mir alleguerten déi politesch Kräften iwwer eis politesch Famill eraus mobiliséieren, déi dobäi hëllefe wëllen, fir Spannungen ofzebauen a fir Majoritéiten ze fannen, déi néideg sinn, fir d'Confirmatioun vun eisen demokratesche Wäerter. Grad ewéi bei der Sich no wierksame Léisunge fir Problemer, déi eis Existenz menacéieren.

De wëssenschaftleche Service vum Europaparlament huet rezent déi 15 gréisste Risikoe publizéiert, déi d'Europäesch Unioun warscheinlech an noer Zukunft wäerten erausfuerderen. Dozou gehéieren:

- de Versuch vu Russland, fir Europa ze destabiliséieren,
- déi aggressiv Politik vu China géintiwwer vun Taiwan,
- d'Instrumentaliséierung vun der irregulärer Awanderung un de Grenze vun Europa,
- d'Verschlechterung, de Verloscht oder de Kollaps vun der biologescher Diversitéit,
- d'Vergréisserung vun Infektiounen opgrond vun antimikrobielle Resistenzen (Antibiotikaresistenz),
- d'Onsécherheet vun der Energieversuergung,
- eng séier Croissance vun der Staatsverschëldung an Europa…

Op dëser Lëscht kéint och nach de Revirement vun der amerikanescher Sécherheetspolitik stoen. Fir déi 27 EU-Memberstaate bedeit dat, wann net d'Enn vun der transatlantescher Solidaritéit, dann awer op d'mannst d'Enn vun der transatlantescher Solidaritéit zu engem avantagéise Präis. D'Annonce vum US-republikanesche Presidentschaftskandidat, fir op d'Verdeedegung vun den europäesche Länner wëllen ze verzichten, deenen hir Efforten hien an deem Beräich fir net héich genuch fënnt, suergt fir eng Vertrauenskris am atlantesche Bündnis, vun där et sech net esou séier erhuele wäert. Déi Deklaratioun, déi fir d'Europäer zu engem denkbar schlechten Ament kënnt, ass domadder d'Enn vun der Illusioun vun engem gëeenten a solidaresche Westen, dee bereet ass, seng Kräften ze bëndelen, fir der Menace vu feindlechen Natiounen, entgéintzewierken, déi eis Staaten destabiliséiere wëllen. Desto méi wichteg ass eng staark politesch, wirtschaftlech a militäresch Unioun vun Europa!

# II. D'Prinzippien

Am Artikel 2 vum Vertrag vu Lissabon ass de Grondsaz vun der Inviolabilitéit vun der Mënschewürd verankert. Effektiv baséiert eis Unioun op „de Wäerter vun der Mënschewürd, der Fräiheet, der Demokratie, der Rechtsstaatlechkeet an op dem Respekt virun de Mënscherechter, an de Rechter fir enger Minoritéit unzegehéieren".

De Respekt vun der Mënschewürd ass d'Basis fir d'Handele vun der Europäescher Unioun. Alleguerten d'Memberstaaten hu sech dozou bekannt, andeem si d'Kopenhagener Critèren erfëllen - déi eng bei der Ratifikatioun vun den Traitéen, déi aner bei hirem Bäitrëtt an d'Europäesch Unioun.

Dat betrëfft an éischter Linn de Respekt vun de Grondwäerter. Si sinn am Artikel 2 vum Vertrag vu Lissabon definéiert, wärend am Artikel 7 d'Sanctioune fixéiert sinn, déi géint e Memberstaat verhänkt ginn, deen déi Wäerter net respektéiert. Grondsätzlech kann e Staat, dee géint déi Grondrechter verstéisst, säi Stëmmrecht am Conseil entzu kréien. Déi Sanctioun kann awer nëmmen applizéiert ginn, wann déi aner 26 Staaten dat decidéieren. Mir wëllen, datt déi Eestëmmegkeetsreegel ofgeschaaft gëtt an d'Sanctioune géint e Staat, deen der Mëssuechtung vun de Grondrechter beschëllegt gëtt, kënne mat enger qualifizéierter Majoritéit decidéiert ginn.

De Prinzip vun der „ëmmer méi enker Unioun" beschäftegt eigentlech nëmmen nach d'Historiker. De Prinzip vun enger „ëmmer méi enker Unioun" ass erëm opgedaucht, wéi Groussbritannie kuerz virdru stoung, fir d'Unioun ze verloossen, an ass duerno erëm an de Vergiess geroden. Mir musse festhalen, datt de Wëlle vu ville Memberstaaten, fir d'Unioun an esou wichtege Beräicher ewéi der Aussepolitik, der Verdeedegung oder der Solidaritéit beim Accueil vu Migranten ze stäerken, duerch eng Indifferenz an e Réckzuch an déi eege Welt ersat ginn ass. Déi politesch Debatt muss sech erëm op d'Fro konzentréieren, wéi de Fonctionnement vun der EU ka verbessert ginn. D'EU muss hir Entscheedungs-Mechanisme verbesseren, fir déi dacks existenziell Geforen z'evitéieren, déi, wa mir net oppassen, déi Europäesch Unioun selwer gefäerden. Dat gëllt zemol bei der Opnam vun neie Memberlänner.

2022 huet d'Europaparlament de „Verfall vun der Demokratie, vun der Rechtsstaatlechkeet a vun de Grondrechter an Ungarn" denoncéiert, wouduerch dat Land sech zu engem hybride Regime vun enger Walautokratie entwéckele wäert. An der Tëschenzäit ass e konditiounsgebonnene Mechanismus fir EU-Gelder a Kraaft, deen zanter dem 1. Januar 2021 gëllt.

Dee Mechanismus mécht et der Europäescher Kommissioun méiglech, fir d'Ausbezuele vu Suen un e Memberstaat ze blockéieren, dee beschëllegt gëtt, EU-Gelder schlecht verwalt ze hunn oder esouguer den *État de droit* an d'Grondwäerter vun der EU blesséiert ze hunn. De Konditionalitéitsmechanismus ass e grousse Fortschrëtt bei der Lutte géint Verstéiss géint eis Wäerter.

Allerdéngs ass eng aner Bestëmmung, nämlech de Retrait vum Stëmmrecht am Conseil, mat deem e Memberstaat ka bestrooft ginn, dem aktuelle Stand vum Kontrakt vu Lissabon no, souzesoen ineffikass. Am Artikel 7 vum Vertrag vu Lissabon heescht et nämlech, datt déi Sanctioune mussen eestëmmeg vun alle Memberstaaten, ausser deem betraffene Land, verhänkt ginn. Well dat onwarscheinlech ass, ass den Artikel 7 esou gutt ewéi ouni Wierkung.

De **Grondsaz vun enger gesonder an onverfälschter Konkurrenz** reegelt d'Fonctionéiere vum Bannemaart. Dee Grondsaz ass kee Selbstzweck, ma hie soll dofir suergen, fir all de Wirtschaftsacteuren eng fair Behandlung ze garantéieren. Am Fall vun enger uerger Kris kënnen awer zäitweis Ausname vun deem Grondsaz gerechtfäerdegt sinn. Ouni d'Finanzsprëtz an Héicht vun honnerte vu Milliarden Euro fir europäesch Entreprisë wäre grouss Deeler vun der europäescher Ekonomie, dorënner essenziell Secteuren, wärend der Coronakris a vun der Ënnerbriechung vun de Liwwerkette schlëmm getraff ginn. D'Europäesch Unioun huet gutt reagéiert an huet sech op d'Säit vun den Affer vun der Kris gestallt.

Et ass onbestridden, datt d'Kommissioun de Memberstaaten an den dramateschsten Amenter vun der Rezessioun vill Sputt bei der Zouso vu staatlechen Hëllefen u Betriber accordéiert huet, déi an hirer Existenz bedreet waren. Déi Kris an de Joren 2020 bis 2022 war därmoosse schlëmm, datt d'Ausname vum Grondsaz vun enger gesonder an onverfälschter Konkurrenz gerechtfertegt waren. D'Bäibehale vun deenen Ausnamereegelunge géing der europäescher Ekonomie a virop den Entreprisen an de klengen a mëttelgroussen EU-Memberstaaten awer staark schueden.

D'Handelspolitik vun der EU gëtt ëmmer méi kritiséiert, well si net de Verpflichtunge vun den Handelsaccorde mat 196 Länner entsprécht, déi dës Staaten am Kader vum Accord vu Paräis agaange sinn. An hire Beméiungen, fir der Bekämpfung géint de Klimawandel gerecht ze ginn, schreift d'EU engersäits drastesch Reduzéierunge vun den Notzdéieren a landwirtschaftleche Betriber vir. Anerersäits accordéiert déi nämmlecht EU hire Partner am Kader vun de kierzlech ausgehandelten Accorde relativ héich Quote fir den Export vu Rand- a vu Schoffleesch. Dofir ass et wichteg, dass d'EU méi staark op d'Anhale vun der Kohärenz vun der Politik uecht deet.

# III. D'Method

Am Laf vun de Joren huet sech d'Zesummesetzung vum Europaparlament grondleeënd geännert. Ëmmer méi Delegatiounen acceptéiere Faschisten an hire Reien. Dat huet déi politesch Fraktiounen, déi sech op d'Grondwäerter vun der EU beruffen, dozou beweegt, sech all Form vun Zesummenaarbecht mat deenen Extremisten ze verbidden. Dofir ass d'Bäibehale vun engem „Cordon sanitaire" géintiwwer deene Fraktioune weider voll a ganz gerechtfäerdegt.

En zweete Grond fir sech Suergen ze maachen, ass d'Tendenz zur Radikaliséierung vu Bléck bannent den dräi stäerkste Kräften am Europaparlament. Déi legendär Bereetschaft zum Kompromëss ass duerch eng ugespaante Bezéiung tëschent de grousse Fraktiounen an och heiansdo bannent de Fraktiounen ersat ginn. Am Kader vun den Aarbechte fir d'Ëmsetzung vum *Green Deal* sinn déi éischt grouss Differenzen opgedaucht. Besonnesch bei den Diskussiounen iwwer d'Gesetzer fir de Retablissement vun der Natur an iwwer d'Reduzéierung vun de Pestiziden an der Landwirtschaft. Déi ëmmer méi parteiesch Positiounen op béide Säite loossen Zweifel opkommen, ob d'EU capabel ass, fir déi am Accord vu Paräis decidéiert Verflichtungen an EU-Recht ëmzesetzen. Et ass wichteg, déi richteg Léieren aus de jéngste Feelschléi ze zéien, fir sécher ze goen, datt d'EU-Parlament seng Aufgaben als Co-Legislateur erfëlle kann. Am Fong geet et hei net esou ëm d'Ziler vum *Green Deal* ma éischter ëm déi praktesch Ëmsetzung vun de geplangte Mesuren.

An engem éischte Schrack geet et drëm, fir d'Situatioun z'entspanen. Den nächste Schrack wier de Retablissement vun engem Vertrauensverhältnes vun de politesche Fraktiounen. Dofir mussen d'Kommissioun, de Conseil an d'Parlament sech selwer Gedanke maachen, wa se d'Vertraue vun de Bierger zeréckgewanne wëllen, déi vun den EU-Reegelunge betraff sinn. Vill Reforme si virun der Ëmsetzung an d'Realitéit net genuch mat den Experten op hir Faisabilitéit gepréift ginn. Mam Resultat, datt precipitéiert a falsch verstane Reformen zu menacéierte Reforme gi sinn. Eiser Meenung no sollten d'Kommissioun, d'Parlament an de Conseil sech op **e Moratoire fir nei administrativ Belaaschtungen eenegen**. Déi Zäit soll en Ofbau vun der Bürokratie gepréift a proposéiert ginn.

# IV. Propositioune vun der DP fir d'Europawalen

En vue vun dësen Iwwerleeungen huet d'DP hir politesch Prioritéite fir d'Europa vu muer a follgende Beräicher festgehalen:

## 1. Eis Prioritéiten am ekonomeschen an am soziale Beräich

### 1.1 Eng Ekonomie am Déngscht vun de Bierger

D'DP setzt sech fir eng konkurrenzfäeg, resistent an nohalteg Ekonomie an, déi Aarbechtsplaze schaaft. D'Ënnerbrieche vun de Liwwerkette wärend der COVID-19-Pandemie huet eis gewisen, wéi staark d'EU an de Schlësselberäicher vun hirer Wirtschaft ofhängeg ass. Tëschent dem chineeseschen Dumping an dem amerikanesche Protektionismus kann d'EU sech offensichtlech just nach op sech selwer verloossen. Dat bedeit awer net, datt si der brutaler Konkurrenz vu China a vun den USA schutzlos ausgesat ass. Fir eng grouss Wirtschaftsmuecht ze bleiwen, muss d'EU déi duebel Erausfuerderung vum ekologeschen a vum digitale Wandel meeschteren. Dofir muss d'EU ganz grouss finanziell Moyene mobiliséieren. Bis 2027 huet d'EU nach Investitiouns-Capacitéite vun 1,1 Billiounen Euro. Dee Betrag verdeelt sech op verschidden, ganz gutt dotéiert EU-Fongen, méi genee op de *Post-Covid-Recovery-Fong* an op de Regionalfong. Dobäi muss bemierkt ginn, datt déi Méiglechkeete bei wäitem net epuiséiert ginn. Dofir ass et wichteg, datt den Accès muss erliichtert ginn, fir Initiativen z'ënnerstëtzen, fir datt Europa beim ekonomeschen an digitale Wandel weider vir mat spillt. D'Moyene vum Regionalfong sollen deels fir déi ekologesch Transitioun agesat ginn.

An deem Kontext mussen eemoleg Efforte fir d'Produktioun vun erneierbaren Energië gemaach ginn, fir sech esou laangfristeg kënne méi séier aus der Ofhängegkeet vun der fossiller Energie ze léisen.

Et kann net sinn, datt Europa an Zukunft keen Zougang zu liewensnoutwennege Medikamenter huet, just well se enzwousch anescht méi bëlleg produzéiert ginn. Et ass awer eng Illusioun, fir ze mengen, datt d'EU kéint iwwer Nuecht all déi a China ausgelagert Aktivitéiten zeréckhuelen. E Beispill: Fir d'Versuergung vun den Apdikten an Europa ze garantéieren, wier et gutt, fir strategesch Reserve mat Medikamenter unzeleeën, fir esou Engpäss ze verhënneren. Et ass net méiglech, fir alleguerten d'Gigante vun der Medezin a vun der Pharmaindustrie ze rapatriéieren.

D'Zäite vu bëllegem Gas, vu Kreditter mat Negativzënsen a vun enger entgéigekommender Verdeedegungspolitik vun den USA géintiwwer vun Europa sinn eriwwer. D'EU steet eleng virun dëser neier Situatioun. Doriwwer eraus huet d'Hausse vum ëffentlechen Defizit zanter 2020 d'Capacitéite vun den EU-Memberstaate ferm ageschränkt, fir an d'Wirtschaft anzegräifen. Wéinst den ëffentlechen Defiziter, déi aus allen Néit platzen, wéinst de begrenzte Budgetscapacitéite an enger alarmanter

Entwécklung am Kontext vun der territorialer, wirtschaftlecher an dofir och der sozialer Sécherheet, huet d'EU déi historesch Aufgab, de fräien Deel vun eisem Kontinent erëm fit ze maachen. Deen neie Bléckwénkel zwéngt eis dozou, fir eis Prioritéiten nei ze definéieren.

Fir datt d'EU erfollegräich si kann, ass et wichteg, en administratiivt, steierlecht a wirtschaftlechen Ëmfeld ze schafen, dat eis konkurrenzfäeg mécht an eis Wirtschaftsacteuren op globalem Niveau dozou bréngt, d'Konditioune fir déi indispensabel Rettung vun eisem Planéit absolut anzehalen.

*Eis Prioritéite sinn*

- d'Verflichtunge vum Accord vu Paräis z'erfëllen an d'Verflichtunge vum Green Deal ëmzesetzen;
- d'Ofsécherung vun engem multilaterale Kader, deen d'Reegele vun der Welthandelsorganisatioun (WTO) respektéiert;
- d'Entschlossenheet fir eis Positioun un der Spëtzt vum Handel ze verdeedegen:
- d'Reindustrialiséierung vun Europa, fir déi strukturell Ofhängegkeet a wichtegen Zukunftsberäicher ewéi Batterien, Mikroprozessoren, Medikamenter a kënschtlecher Intelligenz ze reduzéieren. D'Reindustrialiséierung vun Europa bedeit awer net d'Réckféierung vun all de Betriber, déi an de leschte Joerzéngten an Asie verluecht gi sinn. Et geet éischter dorëmmer, fir an Europa d'Grondlage fir d'Wirtschaft vu muer (2025-2050) ze leeën.

  D'Entwécklung vun der europäescher Produktioun vu Mikroprozessoren ass just ee Beispill dofir, dass d'Reindustrialiséierung an eise Länner schonn ugefaangen huet. Allerdéngs muss d'EU sech froen, ob hir Industriestrategie ambitiéis genuch ass. Well zu deem Ablack, wou déi amerikanesch Wirtschaft mam „Inflation Reduction Act" reusséiert huet, riskéiert déi manner couragéiert EU eng Rezessioun;
- D'EU mat engem wirtschaftlechen, steierlechen, sozialen an administrative Kader equipéieren, deen d'Kreativitéit an den Entreprenersgeescht fërdert;
- Dofir fuerderen, datt déi nächst Kommissioun sech engagéiert, den administrativen Opwand fir Entreprisen ze reduzéieren, an e Commissaire fir d'Simplification administrative ernennt;
- Gläichzäiteg zur Digitaliséierung vun eiser Wirtschaft d'Lutte géint d'Cyberkriminalitéit ausbauen. Europa muss dorobber preparéiert sinn, fir seng digital Infrastruktur ze verdeedegen, fir datt eis Spideeler, Rettungsdéngschter, ëffentlech Servicer, Finanz-Déngschtleeschtungen asw ouni Problemer fonctionéiere kënnen. Wéinst eiser Ofhängegkeet vun den digitale Servicer, kann all Ënnerbriechung enorm Problemer fir eis Gesellschaft bréngen. Et ass deemno Zäit ze handelen. Dofir muss sech d'Agenda fir en digitaalt Europa op d'Entwécklung vu modernsten Infrastrukture fir d'Cybersécherheet konzentréieren, wéi z.B. dat europäescht Cyber shield oder de Cyber Solidarity Act;
- D'Investitiounen a Fuerschung an an Entwécklung, déi eis Konkurrenzfäegkeet verbesseren hëllefen, musse weidergeféiert ginn. Besonnesch Efforte sinn am

Energiesecteur néideg. Déi iwwerhéijten Energiepräisser an Europa fänken nämlech un, déi stroum-intensiv Industrië seriös ze belaaschten;

- D'Efforte fir d'Kompatibilitéit vun de KI-Systemer mat de Grondrechter vun der EU ze garantéieren, musse virugeféiert ginn. Doduerjer schaaft d'EU Standarde fir d'Protektioun vun de Benotzer vun neien Technologien, vun deenen ze hoffen ass, datt si an engem méi internationale Kontext appliziéiert ginn. Déi legislativ Fortschrëtter an deem Beräich weisen d'Capacitéit vun der EU, fir universell Standarden ze schafen;
- Eis Rüstungsindustrie ze stäerken, fir eis Arméien uerdentlech equipéieren ze kënnen. Doriwwer eraus ass et wichteg, datt d'Finanzéierung vun eiser militärescher Ënnerstëtzung fir d'Ukrain geséchert ass. Fir de Fall, datt déi 27 EU-Staaten net déi néideg Mëttel opbrénge kënnen, sollt d'EU dofir en europäeschen Emprunt maachen. Effektiv ass d'Sécherheet vun Europa ganz vill vu senge Verdeedegungscapacitéiten ofhängeg ginn. D'Engagement, eis Verdeedegungsausgaben op zwee Prozent vum RNB z'erhéijen, fuerdert déi kuerzfristeg Mobiliséierung vu ganz héije Finanzmëttel.

## 1.2. Eng Sozialpolitik am Déngscht vum Bierger

Dovunner ofgesinn, dat grouss Deeler vun der Sozialpolitik an den Zoustännegkeetsberäich vun de Memberstaate falen, kann d'EU am Aklang mat de fixéierte Grondsätz am Beräich vun de soziale Rechter e positiven Afloss op déi sozial Entwécklung fir eis Länner hunn. Och wann d'EU nëmme begrenzte Budgete fir de soziale Secteur bereetstelle kann.

Trotz hire begrenzte finanzielle Moyene kann d'EU awer Afloss op d'Decisioune vun de Memberstaaten huelen, andeems si déi EU-Länner am Kader vum Europäesche Semester opfuerdert, sozial Prioritéite genuch ze berücksichtegen. D'Zil vum Ralentissement vun den ëffentlechen Depensen an déi aktuell Schwieregkeete bei der Finanzéierung vu soziale Mesurë féiert dozou, datt d'Budgete musse gutt ausbalancéiert ginn. Et ass awer eis Flicht, esouwuel dem Finanzéierungsbedarf vun der Sozialpolitik wéi och der Noutwennegkeet, eis ëffentlech Finanzen ze sanéieren, gerecht ze ginn.

De Retour zu enger Austeritéitspolitik ass fir eis net déi ugemiessen Äntwert op déi ablécklech Situatioun. Couragéiert Mesurë fir d'Fërderung vun engem vun der Klimapolutioun ofgeknäppter Croissance sinn néideg a warscheinlech méi efficace, wéi op eng iwwerdriwwe Budgetsdisziplin zeréckzekommen, fir déi ëffentlech Finanzen op d'Standarde vum Stabilitéits- a Wuestëmspak zeréckzeféieren.

Doriwwer eraus ass et wichteg, d'Norme vun der Internationaler Aarbechtsorganisatioun (IAO) schrëttweis, awer decidéiert an déi global Maartwirtschaft z'integréieren. D'EU muss weider op dat Zil hischaffen, besonnesch am Kader vun hiren Handelsrelatioune mat Drëttlänner.

D'COVID-19-Pandemie huet gewisen, wéi essenziell d'Sich no neien Aarbechtsformen ass. Am Beräich vum Teletravail konnte remarkabel Progrèse verzeechent ginn. D'DP erwaart, datt d'Kommissioun weider eng Vermëttlerroll bei der Férderung vun neien Aarbechtsforme spille wäert.

Besonnesch bei der Ëmsetzung vun Antidiskriminéierungsmoossnamen an nationaalt Recht huet d'EU eng onbestridde Muecht. D'DP ënnerstëtzt d'Kommissioun an hir Co-Legislateure nodréiglech bei hiren Efforten, fir déi verbliwwe Barrièren am Beräich vun der Gläichbehandlung z'ecartéieren.

D'DP encouragéiert d'Kommissioun doriwwer eraus, hir Roll als politeschen Initiator ze spillen, zemol wat d'Integratioun vu Mënsche mat enger Behënnerung an d'Schoul-, an d'Beruffsliewen esouwéi an d'Politik betrëfft.

D'DP betount, datt d'EU-Mesurë fir d'Férderung vun der Insertioun vu Mënsche mat enger Behënnerung den Accord vun de Vereenten Natiounen iwwer d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerunge respektéiert. Déi Konventioun sollt als Leetfuedem fir d'Garantie vun enger echter Gläichstellung an der EU déngen.

D'DP setzt sech dofir an, datt déi Europäesch Behënnerte-Kaart séier ageféiert gëtt. Déi Kaart wäert eng eenheetlech Unerkennung vum Statut vu Mënsche mat enger Behënnerung an den EU-Länner garantéieren. Si wäert net nëmmen den Accès zu Fräizäit, Kultur a Sport betreffen, ma och zu alle Servicer fir Leit mat enger Behënnerung, grad ewéi fir den Transport a fir kommerziell Servicer.

D'DP plaidéiert fir d'Ariichtung vun enger Behënnerte-Kommissioun am Europaparlament no den Europawale vun 2024, déi di europäesch Behënnertebeweegung aktiv mat abezéie soll.

Ofschléissend recommandéiert d'DP d'Ariichtung vun enger neier EU-Agence, déi sech fir d'Barrièrefräiheet asetzt. Déi Agence, déi sech un der Aarbecht vum Zentrum „Accessible EU" orientéiert, hätt d'Aufgab fir d'Ëmsetzung vun allen EU-Virschrëften zur Barrièrefräiheet z'erliichteren.

D'DP erkennt och un, datt den Informatioune vun der Kommissioun no am Joer 2022 95,3 Millioune Mënschen an der EU vun Aarmut a sozialer Ausgrenzung bedreet wareen (dat entsprécht 21,6% vun der EU-Populatioun). D'DP wäert dofir no Léisunge sichen, fir d'Zuel vun de Leit, déi an der Aarmut liewen an/oder vun Aarmut a sozialer Ausgrenzung menacéiert sinn, op europäeschem Niveau ze reduzéieren.

## 2. De Klimawandel wierksam bekämpfen

Et ass onbestridden, datt de Klimawandel eng grouss Erausfuerderung fir eis Gesellschaft ass. Dat gëtt duerch wëssenschaftlech Statistike beluecht. Et musse méi Efforte gemaach ginn, fir déi schiedlech Emissiounen, déi zum Zäreneffekt féieren, däitlech ze reduzéieren.

D'DP engagéiert sech dofir, déi am Accord vu Paräis festgeluechten Engagementer ëmzesetzen an déi am *Green Deal* fixéiert Verflichtungen ze realiséieren.

Am Accord mat der leschter COP28 zu Dubai sinn d'Investissementer an d'Propagatioun vun erneierbaren Energië ganz drénglech. Europa kann a muss eng global Virreiderroll iwwerhuelen. D'DP ënnerstëtzt all Initiative fir d'Verbesserung vun de klimatesche Bedingungen a vun der biologescher Diversitéit. Et ass decidéiert ginn, dat d'EU-Länner hir Zäregasemissioune bis d'Joer 2030 op d'mannst ëm 55 Prozent reduzéiere mussen. D'Zil ass et, fir d'EU bis 2050 klimaneutral ze maachen. En éiergäizegt, ma realistescht Zil, dat vun der DP ënnerstëtzt gëtt.

Fir sécherzestellen, datt de Klimawandel gerecht verleeft, mussen déi Regiounen, déi am meeschte vum Iwwergang zu enger kuelestoffaarmer Ekonomie betraff sinn, finanziell an technesch ënnerstëtzt ginn. Dofir muss d'EU nach méi finanzielle Support fir deen Zweck mobiliséieren. Mir kënnen net ignoréieren, datt den Iwwergang op d'Klimaneutralitéit grouss Chancë fir d'Croissance, d'Marchéen an den Emploi esouwéi fir déi technologesch Entwécklung offréiert.

D'DP setzt sech fir e staarken an ambitionéierte Schutz vun eisen natierleche Liewensgrondlagen a ganz Europa an. Sou mussen den Erhalt an de Retablissement vun engem groussen Deel vun de verschiddenen Ökosystemer op eisem Kontinent konsequent virugedriwwe ginn. D'Schafe vu *Puits de carbone* ass vun enger eenzegaarteger Bedeitung, besonnesch am Kader vun der Klimakris. Dofir ënnerstëtzt d'DP absolut d'Zil, fir bis d'Joer 2030 op d'mannst eng Milliard Beem ze setzen an och Projeten, ewéi déi international „4-Prozent-Initiativ" fir d'Erhéijung vun der Capacitéit fir Karbon am Buedem ze späicheren, ofzetrennen an ze bannen.

Eng nohalteg Exploitatioun vun den natierleche Ressourcen an e staarken Naturschutz si gläichbedeitend mat der Entwécklung vun der Kreeslafwirtschaft. Fir mëttelfristeg all *Einwegartikelen*, zemol am Plastik, z'evitéieren a sécherzestellen, datt nëmme recyclabel Produiten op de Maart kommen, setzt d'DP sech fir d'Aféierung vu Mehrwegverpackungssystemer op europäeschem Niveau an. Sou solle bis 2030 alleguerten d'Plastiksverpackungen erëm kënne nei gebraucht oder recycelt ginn.

Doriwwer eraus setzt d'DP sech op EU-Niveau fir e Verbuet vun der sougenannter Obsolenz (Produite ginn express esou preparéiert, datt se zu engem gewëssen Abléck net méi funktionéieren) a fir eng allgemeng Approche vum „Ökodesign", esou datt d'Produite vun Ufank u fir Reparaturen a fir Recycling konzipéiert ginn; an zwar iwwert déi aktuell Standarden eraus.

## 3. Déi gemeinsam Agrarpolitik

D'Ausmooss vun de jéngsten Demonstratiounen an der Landwirtschaft refletéiere just déi schlecht Stëmmung vun engem Beruffsstand, deen sech vun der Gemeinsamer Agrarpolitik (GAP) schlecht behandelt fillt. D'Onzefriddenheet vun de Bauere riicht sech

géint déi iwwerméisseg Bürokratie a géint den Ausverkaf vun de Landwirtschaftsproduiten, vun deenen der e puer, zemol d'Kärefriichten, haut méi bëlleg verkaf ginn ewéi an de 1960er Joren.

Esou ass de primäre Secteur mat enger Hellewull un Erausfuerderunge konfrontéiert, vun deenen déi wichtegsten den Drock op d'Präisser an déi schwéier ökologesch Transitioun betreffen.

Mëttelfristeg wäert de Bäitrëtt vun neie Länner an d'EU de Fonctionnement vun der Gemeinsamer Agrarpolitik a Fro stellen. D'Ukrain eleng huet méi Agrarflächen ewéi Frankräich an Däitschland zesummen. Eng Vergréisserung an deem Mooss ass ouni eng déifgräifend Reform vun der GAP an ouni substantiell Opstockung vum EU-Budget net virstellbar.

Bei der Ëmsetzung vun den neie Reegelungen, déi am Kader vum *Green Deal* decidéiert gi sinn, weise sech déi eigentlech Schwieregkeeten. D'Kommissioun muss hir Klimapolitik a besonnesch hir Strategie „From farm to fork" (*„Vum Baurenhaff bei d'Forschett"*) iwwerdenken. An zwar net a Punkto Ziler, ma villméi a Punkto Ëmsetzung.

De massive Refus vun der Verbuetspolitik duerch d'Bauere bedeit op kee Fall, datt d'Baueren sech hirer Responsabilitéit an der Lutte géint de Klimawandel net stelle wëllen.

Wann z.B. de Verbuet vun engem Pestizid eng bestëmmten Zort vu landwirtschaftlecher Produktioun an Europa praktesch onméiglech mécht, da ginn déi nämmlecht Liewensmëttel enzwousch anescht produzéiert, dacks baussent Europa, wou d'Beschränkungen anescht sinn oder guer net existéieren. En vue vun dëser Situatioun schwätzt d'DP sech fir d'Aféiere vun allgemenge „Spillreegelen" an den Handelsaccorden aus, déi dofir suerge sollen, datt eis Handelspartner déi selwecht Standarde respektéiere musse wéi eis Baueren.

Wat d'Attributioun vun Akerland fir de Schutz vun der Biodiversitéit betrëfft, wéi et am Gesetz fir de Retablissement vun der Natur steet, setzt d'DP op Sensibiliséierung, Dialog a Partnerschaft mat de Baueren. Gläichzäiteg setze mir eis fir eng gerecht Entschiedegungspolitik fir déi betraffe Baueren an. Déi concernéiert Entschiedegunge mussen esouwuel déi entgaange Beneficer fir déi betraffe Flächen ewéi och d'Repercussioune vun der Reduktioun vun der landwirtschaftlecher Fläch op d'Rentabilitéit vum Betrib berücksichtegen.

D'DP ass dovunner iwwerzeegt, datt d'Entwécklung vum ländleche Raum vill vu senger Innovatiounscapacitéit ofhänge wäert, an ënnerstëtzt d'Efforte vun der wëssenschaftlecher Recherche, fir déi europäesch Landwirtschaft erëm zu engem Spëtzesecteur ze maachen, deen eng Renommée op Weltniveau huet.

*Liest wgl dat entspriechend Kapitel am Walprogramm fir d'Chamberwalen 2023, fir d'Positioun vun der DP zur nationaler Agrarpolitik ze kennen.*

## 4. Santé

Eng europäesch Gesondheetspolitik muss sech an éischter Linn op d'Präventioun concentréieren. Doriwwer eraus muss si dofir suergen, déi dréngendst Besoine vun de 27 Memberlänner an der Santé z'erfëllen. D'Protectioun vun de Bierger gëtt an deem Sënn besser garantéiert, andeem d'EU dobäi hëllefe kann, d'Lächer bei der Versuergung mat medezineschen Apparaten a Medikamenter ze stoppen, déi sech duerch d'COVID-19-Kris an zemol duerch d'Panne bei der Rupture vun de Liwwerketten gewisen hunn. Dofir wier et sënnvoll, fir zäitweis Stocke vu Medikamenter a vu medezineschen Apparaten unzeleeën.

D'EU huet aus der jéngster COVID-19-Kris geléiert, datt si en Interessi dorunner huet, fir an der Santé Decisiounskompetenzen opzebauen. D'Europäesch Kommissioun huet schonn am Ufank vun der Kris ganz séier reagéiert an esou de Wee fir nei EU-Kompetenzen an der Santé gezeechent.

Dofir muss d'Iddi vun enger Gesondheetsunioun, déi schonn eng Zäit praktesch existéiert, konsequent weiderentwéckelt ginn. Fir déi medezinesch Versuergungssécherheet ze garantéieren, muss Europa seng Produktiounskapazitéiten, do, wou et méiglech ass, erhéijen a seng Stockagekapazitéiten, do, wou se néideg sinn, ausbauen.

D'DP ënnerstëtzt d'Europäesch Allianz fir Medikamenter, fir d'Produktioun vun esou Medikamenter (déi riskéiere knapp ze ginn oder déi ganz wichteg sinn) an der EU ze stäerken an d'Liwwerketten ze diversifiéieren.

Doriwwer eraus muss déi medezinesch Recherche an Europa méi staark ënnerstëtzt ginn. Obwuel d'Fuerscher iwwer staark Reseaue verfügen, déi d'Zesummenaarbecht vun de Memberstaaten ënnerenaner erliichteren, besteet d'DP op der Mobiliséierung vun neie Finanze fir Fuerschungsprojeten.

D'DP ass dovunner iwwerzeegt, datt den enorme Potenzial un digitalen Date soll voll a ganz profitéiert ginn, ouni den Dateschutz ze verletzen. Dat wier gutt fir d'Gesondheet vun de Bierger an och fir d'Entwécklung vun innovative Behandlungsmethoden a géing eiser europäescher Software- an Technologieindustrie d'Méiglechkeet zur Innovatioun ginn, vun där all Bierger profitéieren. D'DP ënnerstëtzt d'Entwécklung vun engem europäesche Raum fir bestëmmte Gesondheetsdaten, wouduerch d'Collaboratioun vu Santésresauen op eng effikass an anonymiséiert Manéier gefërdert géing.

## 5. Staark Institutiounen am Service vun enger perfor-manter EU: Demokratesche Wandel fir besser ze legiferéieren

D'Weltuerdnung, déi fréier vun den USA dominéiert ginn ass, ass zanter e puer Joer un d'Wackele komm. Déi eenzel EU-Memberstaate spillen op internationalem Niveau just nach eng Nieweroll. Déi 27 a méi spéit déi (eventuell) 35 EU-Staate kënnen internationalen

Afloss hunn, wann se bereet sinn, hir Kräften ze bëndelen a sech Decisiounsmechanismen ze ginn, déi fir de Fonctionnement vun enger souveräner Muecht néideg sinn.

Däers muss een sech elo scho bewosst sinn an dofir eng *Assemblée fir d'Revisioun vun de Verträg* virgesinn, wou déi néideg Upassunge vum Fonctionement vun der EU un d'Besoine vum 21. Joerhonnert mussen op den Dësch kommen.

Bis zu enger Reform vun den Decisiounsprozesser decidéiert de Conseil den Ament nach mat enger einfacher Majoritéit iwwer d'Prozeduren. Wou eng *qualifizéiert Majoritéit* gëllt, sollt déi an Zukunft vun zwee Drëttel vun de Memberstaaten decidéiert ginn, déi op d'mannst d'Hallschent vun der Populatioun vun der Unioun representéieren. Ännerunge vun de Verträg sollte mat enger *verstäerkter qualifizéierter Majoritéit* decidéiert ginn, d.h. mat véier Fënneftel vun de Memberstaaten, déi op d'mannst d'Hallschent vun der EU-Bevëlkerung ausmaachen, wéi d'Europaparlament dat a senger Resolutioun vum 22. November 2023 virschléit.

Mir ënnerstëtzten d'Ofschafe vun der Eestëmmegkeet, besonnesch an der Aussepolitik, bei der Finanzéierung vun der EU a bei Froen iwwer d'Nationalitéit.

Wat d'Sanctioune géint e Memberstaat betrëfft, dee géint d'Grondwäerter vun der Unioun verstéisst, esou sollen déi kënne mat enger qualifizéierter Majoritéit decidéiert ginn.

D'DP ass weider der Meenung, datt et Zäit ass, **dem Europaparlament e legislatiivt Initiativrecht ze ginn**. Et gëtt dréngend noutwenneg, **d'Roll vun den europäesche Parteien ze stäerken**, andeem d'Barrièren aus dem Wee geraumt ginn, déi d'Parteien dobäi hënneren, hir Aufgab z'erfëllen, déi doranner besteet, déi Debatt op europäeschem Niveau ze strukturéieren.

D'DP ënnerstëtzt d'Propos vum Europaparlament, d'Zäit déi den nationale Parlamenter fir d'Iwwerpréiwung vun der Subsidiaritéit a vun der Proportionalitéit vu Gesetzesinitiative vun der Kommissioun accordéiert gëtt, ëm véier Wochen ze verlängeren.

D'Recommandatioune vun der Konferenz iwwer d'Zukunft vun Europa sollte weider gefouert ginn, andeem e reegelméissegen Echange iwwer wichteg politesch Theme gefërdert gëtt, un deem d'Bierger a besonnesch jonk Leit solle bedeelegt ginn.

D'DP wäert sech weider fir d'Roll vu Lëtzebuerg als europäescher Haaptstad asetzen, eis Roll als *Pays d'hôte* fir eng Partie EU-Institutiounen an Agencë verdeedegen, fir e gudde Fonctionnement ze garantéieren.

## 6. Preparatioun vun der EU a vun de Kandidatelänner op déi kommend Erweiderung a Support vun de Kandidatelänner beim Bäitrëtt

Eis eege Geschicht huet eis geléiert, besser ze verstoen, datt déi Länner, déi an d'EU antriede wëllen, en neit Kapitel an der Geschicht vun der Onsécherheet, der Willkür, der militärescher Menace an all Zort vun Diskriminéierung opschloen. Deene Länner eng

Perspektiv fir e Bäitrëtt ze bidden ass e Verspriechen. Mir verspriechen de Kandidatelänner, si méi spéit wëllkomm an der UNIOUN ze heeschen, déi um Grondsaz vun der incontestabeler Mënschewürd berout. Dat Versprieche kann nëmmen agehale ginn, wann d'EU d'Moyenen huet, fir mat enger qualifizéierter Majoritéit Sanctioune géint een oder méi Memberstaat(en) ze verhänken, deen/déi d'Grondwäerter net méi respektéieren. Et dierf net méi duergoen, datt déi Länner d'Grondwäerter just bei hirem Bäitrëtt anhalen. Mir mussen d'Suite vun deene Wäerter duerch e reforméierte Vertrag garantéieren.

D'Memberstaaten, déi un der Noutwennegkeet vu Changementer, déi fir dat gutt Fonctionéiere vun der EU néideg sinn, zweifelen, loossen Douten un hirer Unitéit an hirer Capacitéit opkommen, fir nei Kandidaten opzehuelen. Et ass kloer, datt d'Kandidatelänner *éischter enger gëeenter* ewéi *eng gespléckter EU* bäitriede wëllen. Et ass op alle Fall irresponsabel, weider z'acceptéieren, datt eng Minoritéit vu Memberstaaten d'EU dorunner hënnert, fir nei Memberen opzehuelen. Doriwwer eraus musse mir eis der Schwächt vun enger EU bewosst sinn, déi weider eestëmmeg iwwer hir Aussepolitik decidéiert. Esoulaang d'Vetorecht net ofgeschaaft gëtt, bleiwen eenzel Memberstaaten erpressbar an dem Putin seng Ingerance an déi bannescht Affairë vun der EU eng Realitéit.

## 6.1 Jo fir eng schrëttweis Opnam vun neie Memberstaaten

Mir constatéieren, datt d'Kandidatelänner generell wuel reell Efforte maachen, fir sech op den EU-Bäitrëtt ze preparéieren, d'EU awer näischt ënnerhëlt, fir hir Opnamcapacitéiten ze verbesseren; weder am Kontext vun hirer Finanzéierungscapacitéit nach am Kontext vun hirer institutioneller Reform. Ouni hiren institutionellen *Aggiornamento* (Upassung un déi modern Verhältnisser) erweist d'EU weder de Kandidatelänner nach sech selwer en Déngscht.

D'Kandidatelänner kënnen awer net verstoen, datt een si trotz dem reelle Standard vun hire Preparatiounen op eng onbestëmmten Zäit virun der Dir vun der EU waarde léist. Et kann dofir net sinn, datt Kandidate bestrooft ginn, déi ganz kloer Efforte gemaach hunn, fir der EU méi no ze kommen. Dofir kéint e Kandidatestaat an engem éischte Schrack schonn an den EU-Bannemaart integréiert ginn, wann en alleguerten d'Critèrë vu Kopenhagen erfëllt huet. A wann e Land schonn z.B. d'Critèrë vu Maastricht erfëllt huet, kéint et och mat der Wirtschafts- a Wärungsunioun associéiert ginn. Schliisslech kéint dat nämmlecht Land als vollwäertege Member an der EU opgeholl ginn, esoubal d'EU sech op eng Reform vun der Gouvernance gëeenegt huet, déi et hir erlaabt, mat 30 oder esouguer 35 Membere gutt ze fonctionéieren.

D'Alternativ zu institutionelle Reforme géing doranner bestoen, fir alles beim Alen ze loossen, d'Grondwäerter vun der EU weider onbestrooft ze denigréieren a sech mat enger Aussepolitik mam klengste gemeinsamen Nenner zefridden ze ginn. Dat géing bedeiten, fir kommende Generatiounen eng Partie vu Länner ze hannerloossen, déi nëmmen

duerch e puer wirtschaftlech Interessie matenaner verbonne sinn. Also eng Zort Miniatur vun de Vereenten Natiounen, engem Forum, an deem d'Incapacitéit dominéiert, fir eppes ze decidéieren.

D'Membere vun der Konferenz iwwer d'Zukunft vun Europa hu sech kloer fir en Europa ausgeschwat, dat no vir kuckt, Decisiounen hält a sech net vun deene bremse léist, déi am mannste fir de Budget maachen oder d'Grondrechter am mannste respektéieren. Déi kloer Géigner vun alle Vertragsreforme leien éischter op der Linn vu Moskau, wéi op der Linn vun de Wënsch, déi op der Konferenz iwwer d'Zukunft vun Europa annoncéiert gi sinn. Bei den Upassunge vum Fonctionement vun der EU sinn d'Bierger der Politik majoritär e Schrack viraus.

## 7. D'Aussen- a Verdeedegungspolitik vun der EU

Op dem ageschloene Wee zu engem Europa vun der Verdeedegung dierf keng Zäit méi verluer goen. Duerch d'Verletzung vun der internationaler a besonnesch der europäescher Uerdnung duerch Russland sinn eis Prioritéite bei de Budgetsdecisiounen a bei der Industriepolitik op d'Kopp gehäit ginn.

D'Stëmm vun der Europäescher Unioun ass an der Welt knapps ze héieren, verglach mat dem Afloss, vun änlech groussen oder esouguer méi klenge Länner. Dobäi wär d'EU capabel, wichteg Äntwerten op global Problemer ze ginn, wa se hir Aarbechtsmanéier ännere géing. Et ass paradox, datt d'Stëmm vum gréissten Donateur an der humanitärer Hëllef an an der Kooperatioun kaum ze héieren ass. Ob an Afrika oder am Noen Osten, an onofhängeg vum Niveau vum hirem Engagement, ass d'EU wäit vun enger Leader-Roll ewech. Hir Incapacitéit, an der internationaler Debatt eng wichteg Roll ze spillen, ass gréisstendeels op hir intern Spléckung zeréckzeféieren.

Dovunner ofgesinn, behënneren déi intern Clivagen d'Capacitéit vun der EU, gemeinsam op Krisen an den internationale Relatiounen ze reagéieren. D'DP encouragéiert dofir den Héije Representant fir Aussen- a Sécherheetspolitik, zesumme mat den Ausseministere vun de Memberlänner, Richtlinne fir EU-Mesuren auszeschaffen, fir bei kommende Krise méi séier zesummen ze reagéieren.

D'EU bréngt et net fäerdeg, eng wierklech Roll an den internationalen Debatten ze spillen. Dat läit un den interne Spléckungen an och u feelendem Courage, fir hir Positiounen ze vertrieden. Mir maachen eis Suergen, datt d'Spiral vun der Gewalt net ka gestoppt ginn, déi den Noen Osten zanter Joerzéngten dominéieren. Mir confirméieren eis absolut Verurteelung vun den horribele Verbrieche vun der Hamas vum 7. Oktober 2023 a verlaangen, datt alleguerten d'Geiselen direkt fräi gelooss ginn. Europa muss awer weider all humanitär Initiativen, och déi vun der UNRWA, ënnerstëtzen, fir d'Leed vun den Affer ze minimiséieren. An zwar am volle Respekt vum humanitäre Vëlkerrecht. Esou si mir fir en direkte Waffestëllstand. Mir appelléieren un déi international Gemeinschaft, ma virun allem un Israel an un dat palästinensescht Vollek, e politeschen Auswee aus der aktueller Tragedie am Noen Osten ze sichen. Mir fuerderen d'EU dozou op, alles ze maachen, fir

déi responsabel Stréimungen op béide Säiten z'encouragéieren, fir d'Barrièren aus dem Wee ze raumen, déi am Wee zu enger permanenter Léisung stinn, besonnesch d'Siidlungspolitik vun Israel an de palästinesche Gebidder, déi eng nohalteg Léisung vun enger friddlecher Cohabitatioun vun den zwee Vëlker am Respekt mam internationale Recht, schwéier mécht.

All Memberland huet seng eege Kultur, seng eege Geschicht, seng eegen Traditioun a seng eegen traditionell Relatiounen. Dohier kënnt eng notoresch Incapacitéit, eng richteg Verdeedegungscapacitéit an der Unioun opzebauen, an esou och dee wéinege Respekt, deen d'Partner vis-à-vis vun der EU-Aussepolitik hunn. Et wier anescht, wann d'EU sech fir d'éischt op eng gemeinsam Definitioun vun hirer Roll an der Welt eenege kéint, d.h. wann d'EU-Memberen sech endlech op eng richteg politesch Unioun eenege kéinten. D'Ofschafe vun der Eestëmmegkeetsreegel beim Fixéiere vun hirem aussepoliteschen Handelen ass e grousse Schrack no vir. Et ass keng Zäit méi ze verléieren, fir d'Manéier vun Entscheedungen an der Aussepolitik ze verbesseren. Näischt ze maache bedeit, d'Europäesch Unioun dozou ze condamnéieren, weider vum klengste politesche Standard ofhängeg ze sinn. Ganz zur Freed vum Diktator am Kreml, deen duerch seng trojanesch Päerd mat an ouni Regierungsresponsabilitéit den Ament souzesoen e Vetorecht an engem esou wichtege Beräich ewéi den Ausserelatiounen huet. D'DP ënnerstëtzt d'Propos vum Europaparlament, d'Eestëmmegkeetsreegel an der Aussepolitik ofzeschafen, a fuerdert den Europäesche Conseil dozou op, den Europäesche Konvent anzeberuffen, deen iwwert déi noutwenneg Vertragsännerunge berode soll.

Doriwwer eraus muss Europa, dat sech der decisiver Bedeitung vu senge Relatioune mat senge grousse Partner bewosst ass, seng Relatioune mat Afrika onbedéngt nei definéieren. Ënnert den dréngendste Mesurë wëlle mir der hei dräi nennen:

1. Sech dofir asetzen, datt de **Sécherheetsrot vun de Vereenten Natioune fir déi Afrikanesch Unioun opgemaach gëtt**, andeem hir e permanente Sëtz mat de selwechte Rechter wéi den aktuelle Memberen offréiert gëtt;
2. Schafe vun de Grondlage fir eng ëmmer méi enk Collaboratioun am Handel mat Afrika mam Zil vun enger **Fräihandelszon EU-Afrika;**
3. **D'Legislatioun zum Devoir de vigilance an d'Praxis ëmsetzen**, déi an éischter Linn soll dofir suergen, d'Afrikaner, a virun allem déi schwächsten ënnert hinnen, virun der Ausbeutung vun hire Richessen ze schützen. An deem Kontext wier et logesch, e Sommet fir d'Protektioun vun den afrikanesche Ressource virzeschloen, un deem alleguerten d'Wirtschafts- an d'Handelspartner vun Afrika deelhuele sollen.

## 8. Nei Immigratiounspolitik

D'Immigratiouns- an Asylpolitik vun der Europäescher Unioun ass vun dacks oniwwerbréckbaren Differenze gepräägt. Si gëtt den Ament grondleeënd reforméiert. Onofhängeg vum Resultat vun deem Reformprojet wäert d'DP änner kengen Ëmstänn

acceptéieren, datt Mënschen, déi viru Krich, Gewalt an Diktature fortlafen, vum Asylrecht ausgeschloss ginn.

Am Kontext vun der Immigratioun, déi net ënnert d'Asylrecht fält, betount d'DP déi absolut Flicht vun den zoustännege Servicer, ënnert allen Ëmstänn bannent der EU an an hiren Nopeschlänner, déi direkt oder indirekt mat der Behandlung vun Immigranten ze dinn hunn, d'Mënscherechtsstandarden an déi humanitär Standarden ze respektéieren.

Fir deem éiergäizegen Zil gerecht ze ginn, ass et wichteg, d'Kollaboratioun mat de Pays d'origine a mat den Transitlänner ze verbesseren. Dofir musse mir d'Schwéierpunkten an eisen internationale Partnerschafte méi staark op déi humanitär Betreiung leeën.

Eng méi staark Zesummenaarbecht tëschent den EU-Memberstaaten an eng méi grouss Solidaritéit bei der Opnam vun Demandeurs d'asile ass indispensabel. Eng gerecht Verdeelung vun de Laaschten tëschent de Memberlänner a méi en einfacht Asylverfare sinn noutwenneg. D'DP begréisst de Wëllen, fir de Pakt vun der Immigratioun a vum Asyl zum Erfolleg ze féieren. Dee Pakt ass an de Ae vun der DP zwar net perfekt, ma stellt awer eng zimmlech balancéiert Eenegung duer.

Virum Hannergrond vun den ablécklech feelenden Aarbechtskräften an Europa wäert d'Immigratioun eng Chance fir eis Aarbechtsmäert duerstellen. Dofir musse mir méi effikass rechtlech Weeër fir d'Arees vu qualifizéierten Aarbechtskräften an d'EU entwéckelen. Aarbechtsautorisatioune mussen den Immigrante realistesch, laangfristeg Perspektive bidden an esou zur Lutte géint déi illegal Immigratioun bäidroen. D'DP bedauert allerdéngs de wéinegen Enthusiasmus vun de meeschte Memberstaaten, déi d'Immigratiounswellen un der Wuerzel paken. Am Kader vun hire Bausserelatiounen hu si allerdéngs vill Hiewel, déi jonke Leit kënne Perspektiven an hire Pays d'origine bidden, besonnesch duerch d'Handels- an d'Entwécklungspolitik.

# 9. Rechter a Wäerter

Et versteet sech vum selwen, datt d'europäesch Constructioun op de Wäerter baséiere muss, déi an der Charta vun de Grondrechter vun der Europäescher Unioun esouwéi an der Europäescher Mënscherechtskonventioun vum Europarot verankert sinn.

Sexistesch Gewalt ass eng Verletzung vun de Mënscherechter. An Europa huet eng vun dräi Fraen no hirem 15. Gebuertsdag iergend eng Form vu kierperlecher an/oder sexueller Gewalt erlieft. D'EU-Memberstaate sollten encouragéiert ginn, d'Konventioun vun Istanbul ze ratifizéieren an ëmzesetzen, fir Europa méi sécher fir Fraen ze maachen, andeem d'Länner déi villfälteg Forme vu Gewalt unerkennen.

Mir mussen all Zorte vu geschlechtsspezifescher Gewalt prevenéieren, andeem mir Mesuren huelen, fir d'Gewalt ze verhënneren, fir d'Affer ze schützen an d'Täter ze poursuivéieren. Just esou kann Europa d'Protektioun an d'Sécherheet vun de Fraen, Meedercher a menacéiert Gruppen an Europa, vu Frae mat Behënnerungen esouwéi vu weiblechen Demandeurs d'asile, Migrantinnen an LGBTQIA+ Persounen, déi an Europa

ukommen, garantéieren. D'DP kämpft géint all Forme vu Verfollgung an Diskriminatioun op Basis vun enger sexueller Orientatioun, vum Geschlecht a vun all aner Zort vun Identitéit.

Frae mussen e gläichberechtegten Accès zur Partizipatioun, zu Matbestëmmung, zu sexueller a reproduktiver Gesondheet a Rechter esouwéi zu geschlechts-senisbelen a politeschen Institutiounen hunn. D'DP leet wäert op Vilfalt, Inclusioun an op engem transversalen Usaz bei der Gläichstellung.

Mir mussen et de Frae méiglech maachen, hir politesch Ambitiounen ze realiséieren, mir ënnerstëtzen hir Efforten an all Phas vum Prozess. Mir ginn eis Méi, fir d'Barrièren op hirem Wee ofzebauen a mir kämpfen all Dag fir eng Zukunft, déi vun hinne matgestalt gëtt.

D'DP confirméiert hire Support fir d'Legaliséierung vum Mariage fir jiddereen a felicitéiert Griichenland fir d'Ëmsetzung, wouduerch Griichenland zu engem vun 21 EU-Staate gëtt, déi de gläichgeschlechtleche Mariage unerkennen. Dat ass awer net alle Memberstaaten de Fall, wéi z.B. an Italien. D'EU sollt d'Memberstaaten dozou opruffen, gläichgeschlechtlech Partnerschaften a Mariagen ze legaliséieren. Zivil Partnerschaften a Mariagë sollten an der ganzer EU unerkannt ginn.

Déi assistéiert Reproduktioun (In-vitro-Befruchtung) sollt et heterosexuelle Koppelen oder Koppelen aus zwou Fraen oder enger net-bestueter Fra erméiglechen, e Kand ze kréien.

Fir de Lien tëschent neigebuerene Kanner a Pappe weider ze stäerken, wëll d'DP de Pappecongé ouni Lounverzicht vun 10 op 15 Deeg ausbauen.

D'Recht op e Schwangerschaftsofbroch gëtt haut an enger Partie auslännesche Staaten, ewéi den USA oder och an Europa, ofgebaut. D'EU sollt besser Konditioune garantéieren, ënnert deenen d'Fraen d'Garantie hunn, fir e fräiwëllegen Avortement (IVG) ze maachen.

## 10. Besser Perspektive fir eis Jugend

D'Jugend huet wärend der COVID-19-Pandemie en Deel vun hirer Schoulzäit am Lockdown verbruecht, wat de spéidere Risiko vu Problemer an esouguer vu Chômage am Beruffsliewe mat sech bréngt.

Mir musse sécherstellen, datt Kanner vun Ufank un dee Support an dee Schutz kréien, dee se brauchen. D'DP ënnerstëtzt dofir déi ëmfaassend EU-Strategie fir d'Rechter vum Kand an déi europäesch Jugendgarantie. D'Bildung spillt eng Schlësselroll bei der Fërderung vun der sozialer Insertioun a vun der Gläichstellung an der EU. D'Memberstaate sinn zwar fir déi allgemeng a fir déi beruffflech Bildung responsabel, ma d'EU muss d'Harmoniséierung vun den nationale Virschrëften erliichteren a virun allem an déi extra-scolaire Bildung investéieren.

De Programm Erasmus+, eng vun de gréisste Success-Storyen an der EU, un där all Joer méi ewéi eng Millioun jonk Leit deelhuelen, sollt weider ausgebaut ginn. D'DP, déi sech deem Programm an änlechen Initiative verflicht fillt, ass kloer fir e quantitativen a qualitativen Ausbau vun dësen Austauschmesuren. Nom Brexit wier et gutt, fir akademesch a kulturell Austauschprogrammer mat Groussbritannien ze fërderen, fir déi akademesch a kulturell Attachen tëschent jonke Leit op béide Säite vum Äermelkanal oprecht z'erhalen an ze relancéieren. Doriwwer eraus setzt d'DP sech dofir an, alle jonken Europäer d'Méiglechkeet ze ginn, fir mat engem Interrail-Pass ee Mount laang d'EU mam Zuch z'entdecken. Dofir wir et noutwenneg, de Programm *Discover EU*, deen den Ament nëmme fir eng begrenzten Zuel vun 18 Joer ale Jonken reservéiert ass, op all déi jonk Europäer auszebauen.

Déi géigesäiteg Unerkennung vun Héichschoulofschlëss a vu berufflече Qualifikatioune vu jonke Mënsche gëtt hinnen d'Méiglechkeet, déi Formatioun besser ofzeschléissen, déi hire Besoinen an der EU am éischten entsprécht, a bitt hinnen och méi Choix bei hirem Beruff. D'DP setzt sech fir eng ëmfaassend, automatiséiert a kohärent, géigesäiteg Unerkennung vun Ofschlëss an.

D'DP engagéiert sech dofir, de Support fir jonk Leit am Chômage ze verbesseren, fir hinnen d'Reinsertioun an den Aarbechtsmaart z'erliichteren. Wéi z.B. den EU-Programm ALMA *(Aim, Learn, Master, Achieve)* vun der Europäescher Kommissioun, deen et aarbechtslose Jugendlechen erlaabt, zwee bis sechs Méint laang Erfarungen an engem aneren EU-Land ze sammelen. Virbildlech ass och de Programm *Erasmus for young entrepreneurs*. D'DP ënnerstëtzt dëse Projet an änlech Approchen am Interessi vun de kommende Generatiounen.

Fir d'Lutte géint de Konsum vun illegalen Drogen an der EU ass eng ausbalancéiert Strategie néideg, fir déi nächst Generatiounen ze schützen. Et ass wichteg, fir de Konsum vu Cannabis op EU-Niveau z'entkriminaliséieren an déi kontrolléiert Liberaliséierung vu Cannabis op europäeschem Niveau ze garantéieren. Eng kontrolléiert Liberaliséierung vu Cannabis géing de Schwaarzmaart bremsen, déi ëffentlech Gesondheet schützen an den Drogekonsum generell entkriminaliséieren. Parallel dozou musse mir d'Lutte géint den Drogenhandel verstäerken, andeem mir d'Zesummenaarbecht bannent der EU a mat internationale Partner ausbauen a Präventiouns-, Bildungs-, Schuedreduzéierungs- a Rehabilitatiounsmesure fir d'Bekämpfung vum Konsum vun illegalen Drogen ëmsetzen. Déi Mesurë sinn entscheedend, fir d'Sécherheet vun de Bierger, besonnesch vun de Jugendlechen, an der EU ze garantéieren.

Mir erkennen och un, datt den Accès zum Logement fir Jugendlecher an der ganzer EU ëmmer méi schwéier gëtt. Mir proposéieren a wëllen dofir suergen, datt politesch Mesuren ënnerstëtzt an ëmgesat ginn, fir d'Wunnengsoffer z'erhéijen a fir Menagë mat niddregem a mëttlerem Akommes den Accès zu Wunnraum z'erméiglechen, andeem mir eng Kombinatioun aus privatem an ëffentlechem Engagement ustriewen. D'DP engagéiert sech, fir Fuerscher, Architekten, Urbanisten, Mobilitéitsexperten asw nozelauschteren, fir sécher ze goen, datt d'EU, wou ëmmer se kann, politesch Mesurë fërdert an Ureizer

schaaft, datt d'Memberstaaten hire Bierger kënne verschidden Zorten u Wunnraum bidden.

## 11. Kultur

Kulturell Diversitéit ënnerstëtzen, digital Innovatioun notzen, Nohaltegkeet fërderen an d'Kulturdiplomatie asetzen, dat si wichteg Prioritéite vun engem Europa mat ville Chancen a Menacen. Déi kulturell Identitéit, déi scho bannent den Natioune selwer a besonnesch op europäeschem Niveau ganz villfälteg ass, ass e Faktor vun der Distinctioun a vun der Inklusioun. Mir wëllen d'EU an hirer Roll als Verméttler am Beräich vum kulturellen Echange an als Verdeedegerin vun der Particularitéit vun der europäescher Kultur am Kader vun den Ofkommes, déi si mat Drëttlänner ausgehandelt huet, ënnerstëtzen.

Mir erwaarde vun der EU, datt si sech mat Engagement a mat Entschlossenheet fir d'Protektioun vum kënschtleresche Schaffen asetzt, dat vun Entreprisen, déi mat kënschtlecher Intelligenz (KI) schaffen, mëssbraucht gëtt.

D'EU muss d'Memberstaate weider dobäi ënnerstëtzen, déi sëllegen Erausfuerderunge vun de kommende Joren ze meeschteren, dorënner och d'Stäerkung vun der **Kultur als Mëttel fir den interkulturellen Dialog a fir déi sozial Integratioun**. Dofir muss d'EU capabel sinn, ee Bäitrag ze leeschten:

- fir eng gutt kulturell Entwécklung fir all Gebidder vun der EU, andeem si ë.a. d'Mobilitéit vun de Bierger a vun de Kënschtler ënnerstëtzt;
- fir d'Entwécklung vun enger integrativer Approche, fir datt d'Vilfalt vun de Kulturen sech entfale kann;
- fir d'Ouverture vun der internationaler kultureller Zesummenaarbecht fir breet Populatiounsschichten ze fërderen;
- fir d'„Kulturhaaptstied vun Europa" weider z'entwéckelen an ze perfektionéieren. Dat Konzept, dat dat anert Joer säi 40. Anniversaire feiert, riicht sech un déi verschidde Beräicher a soll d'Vilfalt vun eise räiche materiellen an immaterielle Kulturierwe rehausséieren an d'Liene verstäerken, déi eis verbannen.

D'Zukunft vun Europa wäert ë.a. vun der mentaler Gesondheet vun de kommende Generatiounen ofhänken, op déi mir eis déi nächst Jore concentréiere mussen. Programmer ewéi *Culture for health* musse weider gefërdert ginn, fir den Trend vu psychesche Stéierungen, mat deenen déi Jonk Leit confrontéiert sinn, ze bekämpfen.

E weideren Challenge sinn déi ekonomesch Auswierkunge vun der Kultur. D'Kultur an déi wirtschaftlech Kreativitéit sti viru ganz grousse Changementer. Wéinst der kënschtlecher Intelligenz (KI), déi ëmmer méi opkënnt, der Alterspyramid vun de Kulturschafenden an deem dorauser resultéierenden Aarbechtskräftemangel a wéinst strukturellen Defiziter. Esou wëll d'DP op en neits hire Support fir déi sëllege Fräiwëlleg confirméieren, déi e wichtege Pilier vum Kultursecteur sinn.

Déi sozio-ekonomesch Auswierkunge vum Secteur sinn och vun der exponentieller Entwécklung vun der KI a vun der Digitaliséierung markéiert.

D'Digitaliséierung ass en integralen Deel vum Transformatiounsprozess, ma mir mussen dorobber uecht dinn, datt virun allem am Zesummenhang mat KI d'Notzungs- an d'Kaderbedéngungen esou gehale ginn, datt deen Outil zum Wuel vun der Gesellschaft, ugefaange bei der jéngster Generatioun, agesat gëtt, an datt d'Rechter vun de Createuren a vun de Kënschtler geschützt ginn.

Bildung, Entrepreneurship vu jonke Leit an Innovatioune mussen intensiv gefërdert ginn, ma gläichzäiteg muss de Schutz vun de verschiddene Saile vum Secteur garantéiert ginn. Mir musse besonnesch op d'Tentativen aus dem Ausland uecht dinn, fir Afloss op d'Filmindustrie an zemol op den Inhalt vu kënschtlerescher Kreatioun ze huelen.

Abrëll 2024

**EUROPA.**
**STÄERKEN, WAT EIS SCHÜTZT.**

DEMOKRATESCH PARTEI
2A rue des Capucins,
L-1313 Luxembourg
Tél.: 22 10 21 | dp@dp.lu | www.dp.lu